Question écrite n°1040 - Sujet : Luxemburger Nachhaltigkeitszertifizierung für Wohngebäude (LUNOZ)

Auteur(s) : Monsieur Fernand Kartheiser, Député
Destinataire(s) : Madame Maggy Nagel, Ministre du Logement; Monsieur Etienne Schneider, Ministre de l'Economie
Date limite de réponse à la question : 09-05-2015

Evènement(s) :

Date	Description	Liens
09-04-2015	Dépôt de la question	Document écrit de la question
09-05-2015	Délai de réponse dépassé	
11-05-2015	Réponse écrite de Madame Maggy Nagel, Ministre du Logement; Monsieur Etienne Schneider, Ministre de l'Economie	Document écrit de la réponse

adr.
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 AVR. 2015
1090

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir de Wunnengsbau an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Zanter 2013 gëtt zu Lëtzebuerg eng nei Zertifizéierung fir Gebaier, genannt „Luxemburger Nachhaltigkeitszertifizierung für Wohngebäude" (LUNOZ) experimentéiert, respektiv als Pilotprojet a verschidde Gemengen agesat. Dëse Projet gëtt och bei den Objektiver vun den Ecotechnologie vum Wirtschaftsministère opgezielt. D'Fachleit, dorënner d'Fédération des Artisans, warnen virdrun, datt esou eng Zertifizéierung de Bau zu Lëtzebuerg nach méi deier kéint maachen.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. *Ass virgesinn, eng „Luxemburger Nachhaltigkeitszertifizierung für Wohngebäude" zur Obligatioun ze maachen ? Wa jo, wéini ?*
2. *Ass d'Regierung sech bewosst, datt déi Akkumulatioun vu Normen, Regelungen, Reglementer an Zertifizéierungen, nieft der Hausse vun der TVA, massiv zu der Präishausse beim Bau bäidréit ? Gëtt et Etuden oder Schätzungen, wéi déi nei gesetzlech oder reglementaresch Regelen aus de leschten 10 Joer sech op d'Baupräisser ausgewierkt hunn ? Wa jo, mat wéi engem Resultat ? Wa neen, missten net esou Etude gemaach ginn, dëst och ier nach nei Normen obligatoresch ginn ?*
3. *Ass d'Regierung net der Meenung, datt d'Käschte fir d'Aféierung vun neien Normen, besonnesch um Wunnengsbau, missten zum gréissten Deel duerch gezielte Subventiounen ausgeglach ginn?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Luxembourg, le 11 MAI 2015

Monsieur Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, bd. F.-D. Roosevelt

L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 MAI 2015

Ntr.réf.: 2015-1040-lettre-transSCL-CHD.doc/2015-377/JK

Concerne: Réponse à la question parlementaire n° 1040 du 9 avril 2015 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Monsieur le Ministre,

En réponse à votre lettre du 13 avril 2015 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente la réponse commune du Ministre du Logement et du Ministre de l'Economie à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Pour la Ministre du Logement

Marc HANSEN
Secrétaire d'Etat au Logement

Transport en commun: lignes nos 1, 13 et 16
Station Vel'oh: no 19

Tour Alcide de Gasperi
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale:
L-2916 Luxembourg

Tél.: (+352) 247-84812/84819
Fax: (+352) 247-84840
Fax: (+352) 26 20 13 27

www.logement.lu

147-000053-20140524-FR

Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Economie et de Madame la Ministre du Logement à la question parlementaire n°1040 du 9 avril 2015 posée par l'Honorable Député Fernand KARTHEISER concernant le « *Lëtzebuerger Nohaltegkeetszertifizéierung fir Wunngebaier* » (LENOZ).

De Wunnengsbauministère huet, zesumme mat externe Partner déi „Lëtzebuerger Nohaltegkeets-Zertifizéierung" fir Wunngebaier (LENOZ) entwéckelt. LENOZ ass en Instrument, wat den Architekten, Ingenieuren an den Entreprisen aus der Baubranche d'Méiglechkeet gëtt, fir Haiser oder Wunnengen ze schafen, déi nohalteg geplangt a gebaut sinn, an dono och nohalteg kenne genotzt ginn. LENOZ bitt dem Endclient d'Méiglechkeet fir strukturéiert Informatiounen iwwert d'Nohaltegkeet vun enger Wunneng oder engem Haus ze kréien, déi iwwert de Volet vun der renger Energieeffizienz erausginn - dee Volet ass jo haut am wesentlechen iwwert den Energiepass ofgedeckt. Déi Kriterie vun der Nohaltegkeet betreffen ënnert anerem d'Ecologie vun de Baumaterialien, de Landverbrauch, d'Versigelung vun de Flächen an awer och Standuertkriterie wéi d'Ubannung un den ëffentlechen Transport.

D'Ziel vum LENOZ ass eng méiglechst einfach, iwwerschaubar a verständlech Bewäertung vu gudder Qualitéit ze erméiglechen, déi mat dem geréngst méigleche finanziellen Opwand verbonnen ass. Dëst soll ënner anerem och garantéiert ginn duerch d'Verbindung vun dësem Instrument mam Energiepass.

Nohaltegkeetszertifikatioune fir "Net-Wunngebaier" an awer och ëmmer méi fir Wunngebaier fannen ëmmer méi Uklang an der Immobiliebranche an Europa an och weltwäit. Des Zertifikatioune verfollegen d'Ziel, fir d'Schafung vun nohaltege Gebaier ze ënnerstëtzen, an dobäi ökologesch, ökonomesch a sozio-kulturell Aspekter an enger ganzheetlecher Approche ze berücksichtegen. Dobäi ass et besonnesch wichteg, d'Gebai iwwert seng ganz Liewensdauer ze bewäerten, ugefaang bei der Planung, iwwert de Bau, d'Notzung an dono och d'Ofrappe vum Gebai.

Et war net an ass net geplangt, dat LENOZ obligatoresch agefouert gëtt, weder bei der Genehmegung fir nei Gebaier nach am Kader vun der Sanéierung vun ale Gebaier. Et handelt sech also em en Instrument, wat dem Bausecteur zur Verfügung gestallt gëtt, fir aner Kriterie vun der Nohaltegkeet, déi iwwert den Energieverbrauch eraus ginn, ze bewäerten.

Dofir ass dann och keen Impakt op d'Präisser am Bausecteur ze erwaarden, well keng nei Regele mat LENOZ agefouert ginn.